B1

Schwätzt Dir Lëtzebuergesch?

Zousazmaterial

Kapitel 6

Kapitel 6 Säit 109, Übung 4

*D'Schüler ginn an dräi Gruppen agedeelt. All Grupp liest **ee** vun den dräi Texter (A, B, C) iwwert déi verschidde Walen zu Lëtzebuerg an äntwert schréftlech op d'Froen.*







All Persoun aus dem Grupp brauch dës schréftlech Äntwerten, fir d'Informatiounen duerno kënne weiderzeginn.

Wann d'Äntwerte fäerdeg beäntwert sinn, ginn d'Gruppen anescht gemëscht, esou datt Schüler beienee sinn, déi verschidden Texter gelies hunn. Si presentéiere sech géigesäiteg d'Informatiounen, déi si gelies hunn.









Text A

Chamberwalen

Bei de Chamberwale gi 60 Deputéiert fir e Mandat vu fënnef Joer gewielt. Et gi véier Walbezierker: Süden, Zentrum, Norden an Osten. D'Walgesetz leet d'Zuel vun den Deputéierte fest, déi an all Walbezierk kënne gewielt ginn: Walbezierk Süden: 23 Deputéiert, Walbezierk Zentrum: 21 Deputéiert, Walbezierk Norden: 9 Deputéiert, Walbezierk Osten: 7 Deputéiert.

Fir bei de Chamberwale wielen ze dierfen, muss ee Lëtzebuerger sinn, et muss een 18 Joer al sinn an et muss ee säi Wunnsëtz zu Lëtzebuerg hunn.

De Vott ass anonym an obligatoresch fir all d'Wieler, déi an de Wielerlëschten agedroe sinn.
Vum Gesetz hier entschëllegt sinn déi Wieler, déi iwwer 75 Joer al sinn.

Et ass een automatesch op der Wielerlëscht, wann een d'Konditiounen, fir ze wielen, erfëllt. Et wielt een ëmmer an deem Walbezierk, an deem ee wunnt. All Wieler däerf esou vill Stëmme vergi wéi Deputéiert a sengem Walbezierk ze wiele sinn. Et kann een entweeder e Kräiz bei d'Lëscht vun enger Partei maachen; doduerch kritt all Kandidat vun där Partei eng Stëmm. Et kann een och eenzel Kandidate wielen, andeems een een oder zwee Kräizer hannert hir respektiv Nimm mécht. Et ass och méiglech, Kandidaten aus verschiddene Parteien ze wielen; dat nennt ee „panaschéieren".

Froen:

Wéi dacks sinn d'Walen?

Wien däerf wielen?

Wie muss wielen?

Wie muss net wielen?

Wéi vill Kandidate gi gewielt?

Wéi kann een engem Kandidat eng Stëmm ginn?

Text B

Gemengewalen

Zu Lëtzebuerg sinn all sechs Joer Gemengewalen.
D'Leit, déi op de Wielerlëschte stinn, wielen d'Membere vum Gemengerot aus hirer Gemeng.
All Wieler däerf esou vill Stëmme vergi wéi et Leit fir an de Gemengerot ze wiele gëtt. D'Zuel vun de Gemengeconseilleren hänkt vun der Zuel vun de Gemengebierger of. Si ass ëmmer ongerued.
A Gemenge mat iwwer 3.000 Awunner gëtt et pro Partei eng Lëscht mat Kandidaten. Et kann een entweeder eng ganz Lëscht ukräizen an domat all Kandidat vun där Partei eng Stëmm ginn oder et kann een eenzel Kandidate wielen, andeems een een oder zwee Kräizer hannert hir respektiv Nimm mécht. Wann ee Kandidaten aus verschiddene Parteie wielt, da gëtt dat „Panachage" genannt.

Wann eng Gemeng ënner 3.000 Awunner huet, gëtt et keng Lëschten, mee just eenzel Kandidaten.

Fir bei de Gemengewale wielen ze dierfen, muss een 18 Joer hunn a säi Wunnsëtz zu Lëtzebuerg hunn. Als Auslänner muss een eng Demande maachen, fir op d'Wielerlëscht vu senger Gemeng ze kommen; als Lëtzebuerger ass een automatesch drop.

De Vott ass anonym an obligatoresch fir all d'Wieler, déi an de Wielerlëschten agedroe sinn.
Vum Gesetz hier entschëllegt sinn déi Wieler, déi iwwer 75 Joer al sinn.

Froen:

Wéi dacks sinn d'Walen?

Wéi vill Kandidate gi gewielt?

Wéi kann een engem Kandidat eng Stëmm ginn?

Wien däerf wielen?

Wie muss wielen?

Wie muss net wielen?

Text C

D'Europawalen

Bei de Wale fir d'Europaparlament gi sechs Deputéiert fir e Mandat vu fënnef Joer gewielt. Fir d'Europawale gëtt et just een eenzege Walbezierk. Jidder Wieler däerf esou vill Stëmme vergi wéi et Deputéiert ze wiele gëtt, dat heescht 6. Et kann een entweeder e Kräiz bei d'Lëscht vun enger Partei maachen; doduerch kritt all Kandidat vun där Partei eng Stëmm. Et kann een och eenzel Kandidate wielen, andeems een een oder zwee Kräizer hannert hir respektiv Nimm mécht. Et kann een och Kandiaten aus verschiddene Parteie wielen; dat nennt ee „panaschéieren".

D'Staatsbierger aus der Europäescher Unioun, déi hire Wunnsëtz zu Lëtzebuerg hunn, kënne bei de Wale fir d'Europaparlament wielen a sech wiele loossen.
Si hunn de Choix tëschent zwee Walmodusse fir d'Europaparlament. Si kënne sech un der Wal vun de Lëtzebuerger europäeschen Deputéierten am Europaparlament bedeelegen. Dofir musse se sech an d'Wielerlëschte vun hirer Gemeng androen. Si kënnen awer och d'europäesch Deputéiert aus hirem Hierkonftsland wielen**.** An deem Fall musse se sech mat de kompetenten Autoritéiten aus hirem Hierkonftsland a Verbindung setzen.

De Vott ass anonym an obligatoresch fir all d'Wieler, déi an de Wielerlëschten agedroe sinn. Vum Gesetz hier entschëllegt sinn déi Wieler, déi iwwer 75 Joer al sinn.

Froen:

Wéi dacks sinn d'Walen?

Wéi vill Kandidate gi gewielt?

Wéi kann een engem Kandidat eng Stëmm ginn?

Wien däerf fir lëtzebuergesch Europadeputéiert wielen?

Wie muss wielen?

Wie muss net wielen?

B1

Schwätzt Dir Lëtzebuergesch?

Léisungen

Zousazmaterial

Kapitel 6

	Chamberwalen	**Gemengewalen**	**Europawalen**
Wéi dacks sinn d'Walen ?	All 5 Joer	All 6 Joer	All 5 Joer
Wéi vill Kandidate gi gewielt?	60 (Walbezierk Süden: 23 Deputéiert, Walbezierk Zentrum: 21 Deputéiert, Walbezierk Norden: 9 Deputéiert, Walbezierk Osten: 7 Deputéiert)	Dat hänkt vun der Gemeng of. D'Zuel vun de Kandidaten hänkt vun der Zuel vun den Awunner of.	6
Wéi kann een engem Kandidat eng Stëmm ginn?	- Et kann een een oder zwee Kräizer hannert säin Numm maachen. - Et kann een d'Lëscht vu senger Partei ukräizen.	- Et kann een een oder zwee Kräizer hannert säin Numm maachen. - Et kann een d'Lëscht vu senger Partei ukräizen.	- Et kann een een oder zwee Kräizer hannert säin Numm maachen. - Et kann een d'Lëscht vu senger Partei ukräizen.
Wien däerf wielen?	Fir wielen ze kënnen, muss ee(n) - déi lëtzebuergesch Nationalitéit hunn, - 18 Joer hunn, - säi Wunnsëtz zu Lëtzebuerg hunn.	Fir wielen ze kënnen, muss ee(n) - 18 Joer hunn, - säi Wunnsëtz zu Lëtzebuerg hunn, - op der Wielerlëscht vu senger Gemeng stoen.	Fir lëtzebuergesch Europadeputéiert wielen ze kënnen, muss ee(n) - Staatsbierger aus der Europäescher Unioun sinn, - 18 Joer hunn, - säi Wunnsëtz zu Lëtzebuerg hunn, - op der Wielerlëscht vu senger Gemeng stoen.
Wie muss wielen?	Jiddereen, deen an der Wielerlëscht agedroen ass. (Jiddereen, deen d'Konditioune fir ze wielen erfëllt, ass automatesch op der Wielerlëscht.)	Jiddereen, deen an der Wielerlëscht agedroen ass. (Lëtzebuerger sinn automatesch ageschriwwen; Auslänner mussen eng Demande maachen, fir an d'Wielerlëscht agedroen ze ginn.)	Jiddereen, deen an der Wielerlëscht agedroen ass. (Lëtzebuerger sinn automatesch ageschriwwen; auslännesch EU-Bierger mussen eng Demande maachen, fir an d'Wielerlëscht agedroen ze ginn.)
Wie muss net wielen?	Leit iwwer 75 Joer mussen net wielen.	Leit iwwer 75 Joer mussen net wielen.	Leit iwwer 75 Joer mussen net wielen.